

- *considérant que les ressortissants communautaires qui souhaitent exercer ce droit doivent maîtriser trois langues officielles du Grand-Duché;*

- *considérant qu'au sein de l'administration, les différents postes n'exigent pas tous la même maîtrise des langues française, allemande ou luxembourgeoise;*

- *considérant que la part non luxembourgeoise des usagers de l'administration est suffisamment importante pour qu'il soit tenu compte de cette autre réalité linguistique du Grand-Duché;*

*invite le Gouvernement*

- *à établir, dans la mesure du possible, une liste énumérant les emplois dans les secteurs de l'administration dont l'accès est ouvert aux ressortissants communautaires;*

- *à tout mettre en œuvre pour que nos trois langues officielles, et notamment la langue luxembourgeoise, restent des instruments en faveur de l'intégration;*

- *à tout mettre en œuvre pour que nos trois langues officielles, et notamment la langue luxembourgeoise, ne soient pas perçues par la population résidante non luxembourgeoise comme des instruments d'exclusion ce qui causerait un tort considérable et durable à la cohésion de notre société;*

- *à veiller à ce que des personnes maîtrisant des langues autres que les trois langues officielles soient employées dans l'administration.*

(s.) *François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

**M. le Président.**- Mir stëmmen also elo of iwwer d'Motioun 1 modifiée vum Här François Bausch.

*Vote*

Wie fir déi ofgeännert Motioun as, esou wéi se elo virgeschloë gin as, as gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien as dergéint?

D'Motioun as an där ofgeënneter Form ugeholl.

Mir kommen dann zur Motioun 2 iwwer d'Nët-EU-Biirger an der Fonctioun publique, déi och agereecht gin as vum Här François Bausch. Et freet kee méi d'Wuert derzou, da kënne mer also direkt ofstëmmen.

*(Interruptions)*

De Vote électronique gët verlaangt.

*Vote*

Déi fir d'Motioun 2 si stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

D'Motioun as mat 53 Neen-Stëmmen, 6 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun ofgeleent.

*Ont voté oui: M. Willy Bourg;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par M. Nicolas Estgen), MM. François Biltgen, Lucien Clement, Nicolas Estgen, Pierre Frieden, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Norbert Konter (par Mme Marcelle Lentz-Cornette), Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Nico Loes, Laurent Mosar, Mmes Ferny Nicklaus-Faber (par M. Laurent Mosar), Romi Roth, MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Alphonse Theis et Lucien Weiler;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Mario Castegnaro, Murs Di Bartolomeo, Mathias Greisch (par M. Marc Zanussi), Claude Halsdorf, Jean-Pierre Klein, Roger Klein, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Regenwetter (par M. Claude Halsdorf), Jos Scheuer, Jean Schiltz, Camille Weiler (par Mme Lydia Mutsch) et Marc Zanussi;*

*MM. Eugène Berger, Niki Bettendorf (par M. Emile Calmes), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Henri Grethen, Paul Helminger, Mme Lydie Polfer, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer, Théo Stendebach (par M. John Schummer) et Carlo Wagner (par M. Henri Grethen);*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*S'est abstenu: M. René Kollwelter.*

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 4532 iwwer d'Médiation pénale. Et hu sech schon ageschriwwen: d'Mme Durdu, den Här Klein, den Här Henckes an den Här Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Weiler.

#### **4. Projet de loi 4532 portant création de la médiation pénale et portant modification de différentes dispositions**

##### **a) de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire,**

##### **b) du code des assurances sociales**

*Rapport de la Commission juridique*

**M. Lucien Weiler (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. D'Iwwerlaaschtung vun de Gerichter mat Affäre war an dene leschte Jore regelméisseg, och an dësem Haus, en Diskussiounsthema. Mir alleguer wëssen, an dat as nët nëmmen e Phenomen hei zu Lëtzebuerg mä och am Ausland, a Frankräich an an der Belsch, dass an dene leschte Jore wann nët Jorzéngten d'Affären ëmmer méi zougeholl hun, dass eis Gerichter encombriert waren, an d'Prozesser oft eng Dauer haten, déi nët méi tragbar war, an déi och nët mat dem Recht vun dem Einzelnen op Recht an engem räsounablen Délai ze kréien, kompatibel war. Dofir sin an

der leschter Legislaturperiod wéi och an dëser Effore gemaacht gin, fir d'Délaiën op rasonnabel Mesüren zrëckgeschrauft ze kréien.

Mir hun eng Parti vu Prozeduren, esougutt am zivilrechtleche wéi am stroferechtleche Beräich geännert. Mir hun eis Geriichter mat enger méi grousser Zuel u Riichter an ausgestattet, an ech mengen, dass an der Zwëschenzäit déi Efforen, déi gemaacht gi sin, sech an deem Sënn soldéiert hun, dass d'Délaiën, och wa se nach nët ideal sin, dach awer op eng ansehnlech Aart a Weis konnte reduzéiert gin. Dobäi sin ech mir awer bewosst, dass, speziell wat d'Beziirksgeriicht Lëtzebuerg ubelaangt, d'Délaiën nach ëmmer vill ze laang sin, a mer op denen Effore musse weiderfueren.

Dee Projet de loi, deem eis haut virläit iwwer d'Médiation pénale an dee sech am stroferechtleche Beräich beweegt, ka vläicht een Deel vun der Problematik vun der Zäit ugoen, obschons mer en fin de compte nët kënnen dermat rechnen, dass mer eis Strofgeriichter op eng décisiv Aart a Weis entlaascht kréien. Et geet vill méi drëm, dass mer eng Parti vun dene stroferechtlechen Affären, déi bis ewell op keng Aart a Weis poursuivéiert gi sin, dat heescht, déi normalerweis einfach klasséiert gi sin, nët méi einfach esou klasséieren, mä dass se eng Suite kréien, virun allem an dene Fäll, wou et nët nëmmen ëm eng Infraktioun geet, mä wou et ëm eng Infraktioun geet, wou och eng Victime derbäi as.

Bis ewell huet de Parquet, de Procureur d'Opportunité des poursuites. Hie jugéiert, ob et opportun as, enger Affär Suten ze gin oder nët. Opground vun deem Prinzip hat de Parquet bis ewell dräi verschidde Méiglechkeete fir virzegoen. Wann eng Affär ëm grav genuch geschéngt huet, dann huet e poursuivéiert, an et as eng Aktioun géint dee betreffenden Auteur intentéiert gin. Deen as virun d'Gericht komm an as jugéiert gin.

Oder awer, an dat as jhust den Opposé vun der Poursuite, de Classement pur et simple. De Parquet huet gesot, et as eng *Affaire de moindre importance* oder d'*importance moyenne*, déi nët onbedéngt muss d'Honneur vun engem Tribunal kréien, an dann huet en d'Affär purement et simplement klasséiert.

Eng drëtt Méiglechkeet gouf et tëschen op där enger Säit der Poursuite an op där aner Säit dem Classement pur et simple. Dat war de Classement sous condition. Dat heescht, de Procureur huet an enger Affär - et ware gewéinlech Affären, wou Victimen derbäi waren -, dee Betroffene geruff a gesot: Indemniséiert d'Victime fir hiren Dommage oder engagéiert Iech zu iergendwelleche Prestatioun vis-à-vis vun der Victime, an da kritt déi Affär hei keng Poursuite virum Tribunal.

Dat waren déi dräi Moyaenen, déi de Parquet bis ewell hat. Mam Prinzip vun der Médiation pénale, dee mir clo aféieren, kënn am Fong geholl e véierte Moyen derbäi, dee sech apparentéiert un deem Drëtten, notamment dass d'Affär soll u sech, ouni dass se d'Éier kritt, fir op e Geriicht ze kommen, nët einfach esou oder nëmme mat engem liichten Avertissement klasséiert gin, mä dass eng Médiation versicht gët, eng Médiation op där enger

Säit tëschen dem Auteur vun enger Infraktioun an op där aner Säit der Victime vun där selwechter Infraktioun.

Eng Médiation, wat wëllt dat heeschen? Dat wëllt, wann een an enger vläicht nët ganz richteger Terminologie sech géif ausdrécken, en Arrangement bedeuten tëschen deem, deem eppes verbrach huet an deem, deem d'Victime dovun war.

Eng Prozedur, fir esou virzegoen, géif erlaben, dass déi Affären, déi bis ewell normal ouni vill Fiederlesens klasséiert goufen, nët méi einfach esou géinge verschwannen, wéi dat bis ewell de Fall ganz oft war, well den Auteur konnt d'Impressioun hun, mä dat as jo alles nët ganz schlëmm, wat ech do gemaacht hun, well déi Infraktioun kritt jo keng Suten. Ech brauch op kee Geriicht ze goen, kréie keng Strof derfir. Dee Sentiment d'impunité, dee beim Auteur vun der Infraktioun bestanen huet, war ongesond. Dat war nët gutt, well d'Leit u sech der-vun ausgaange sin, wa kee Mënsch no där Saach kuckt, een nët poursuivéiert gët, da kann dat jo nët esou schlëmm gewiescht sin.

An ouni dass mir elo eng grouss Prozedur virun engem Geriicht maachen, an et do zu enger Condamnation pénale komme loosse, déi an de Casier ageschriwwen gët, well dat as ëmmer d'Suite vun enger Condamnation pénale, wëlle mer elo e System aféieren, wou versicht gët tëschen op där enger Säit dem Auteur an op där anerer Säit der Victime ze arrangéieren.

Déi Médiation, déi mir hei virgesinn, déi huet verschidde Mériter: Dat ka relativ schnell goen, an dat geet och relativ onbürokratesch vir sech. De Médiateur rëfft d'Parteien zesummen. E versicht ze transigéieren, en Arrangement ze fannen. Dat gët aktéiert a gët dem Procureur matgedeelt, an da gët exécutéiert. Et sin nët méi déi laang Prozeduren, wéi bei normale stroferechtlechen Affären, déi virun d'Gericht kommen, mä et as eng expeditiv Manéier, fir virzegoen.

Dann de Caractère consensuel, deem an dëser Médiation dran as, wou den Dialog tëschen dem Auteur an der Victime erëm hiergestallt gët. Bis ewell as et ganz selten zu engem Dialog komm tëschen engem Auteur an enger Victime, wat awer ganz oft fir d'Victime selwer ka wichteg sin, dass se emol mat dem Auteur ka schwätzen, wa se deem séng Beweggrënn héiert, eventuell séng Excusen. Esou en Dialog tëschen denen zwou Parteië ka scho ganz utile sin.

Dann d'Souplesse vun deem ganze System, dat wat ënnert dem Stréch an der Médiation erauskënnt, dat kann terribel vielwäitg sin, an hei as der Imaginatioun vun dem Médiateur an dene Propositionen, déi hien denen zwou Parteië ka maachen, u sech keng Grenze gesat, fir eng Solutioun ze fannen.

Woura kann d'Solutioun bestoen? An enger Transaktioun somme toute, déi tëschen dem Auteur an der Victime kann erreecht gin? Dat ka ganz vielfälteg sin. Et kann zum Beispill - an a ville Fäll wärd et dat sin -, d'Engagement vum Auteur sin, fir de Schued vun dem Affer ze reparéieren a sech ze engagéieren, bannent

engem gewëssenen Délai dee Schued ze bezuelen. Dat kann awer och an enger Rei vun aneren Elementer bestoen, zum Beispill fir de Schued en nature ze reparéieren, wann e materielle Schued un engem Auto oder un enger Propriétéit gemaacht gi war. Et kann dora bestoen - an dat geet ganz oft enger Victime duer -, dass deen, deen hir e Schued zougefügt huet, sech vis-à-vis vun hir entschëllegt. D'Engagement kann dra bestoen, an Zukunft keng esou Akte méi ze setzen.

Dir gesitt, dass hei eng ganz grouss Panoplie vu Méiglechketen as, a viles hänkt dervun of, wéi déi eenzel Médiateuren hir Aufgab gesinn, wéi se och dee richteg Feeling hun, fir tëschent Auteur a Victime erauszefannen, wéi eng Reparatioun en fin de compte kënn denen zwou Parteië Satisfaktioun gin. Et gët och eng personaliséiert Äntwert op deen Dommage, dee geschitt as, well d'Affer op där enger Säit eng ekonomesch Reparatur ka kréien, dat heescht eng finanziell Reparatur vun deem Schued, deen him zougefügt gouf, oder op där anerer Säit eng psychologisch Reparatur.

Dat war eng Parti vun den Avantagé vun dësem System, dee ganz soupel as.

Wie gët Médiateur? Wéi funktionnéiert dat? Dat as an engem Reglement virgesinn, wat d'Regierung ons gentillerweis virgeluegt huet.

Wie ka Médiateur gin? Dat kënnen a missten an éischter Linn d'Magistrate sin, an dat schéngt ons och normal a logesch, well déi normalerweis an dësem Domän hir Aufgab hun, an déi néideg Expérience hun. Et as awer nüt ausgeschloss, dass och dës Aufgab Affekoten iwwerdroë gët, well se als Auxiliaires de justice och Expérience hun. Médiateur kann am Fong geholl jidferree gin, deen d'Demande un de Ministère stellt, an deen agréiert gët als Médiateur.

Fir als Médiateur agréiert ze gin, muss een natierlech eng Parti vu Konditiounen erfëllen, déi am Reglement virgesi sin. Et muss ee Garanties d'honorabilité hun, wat de Minimum as: garanties de compétence, de formation et d'impartialité. Dës Konditiounen gi bestëmmt déi noutwendeg Garantien, dass et sech beim Médiateur ëm déi richteg Persoun handelt. Ech gin dovun aus, dass de Ministère ganz prezis kucke wäert, wéi eng Leit mat dëser sensibler Aufgab chargéiert wäerte gin. Et kënnen niewent de Magistraten, déi en fonction sin, och Magistrate sin, déi en retraite sin, Agente vum SCAS, Affekoten an aner Persounen, déi opgrond vun dene Kritären, déi ech genannt hun, vum Ministère agréiert gin.

D'Prozedur as toute simple, expéditive. Bannent ganz kurze Friste gi par voie de simple lettre d'Leit vum Médiateur zesummegeruff. Wann et zu enger Médiatioun kënn, dann deelt de Médiateur dem Procureur dat mat, an deen décidéiert, fir der Affär keng Suite pénale ze gin. Wann et zu kenger Médiatioun kënn, da geet den Dossier selbstverständlech zrëck bei de Procureur, an dann as et un him, fir ze décidieren, ob en eng Poursuite pénale wëllt maachen oder ob e keng wëllt maachen.

Ech hat einleitend ugedeit, dass ee sech heimat elo nüt soll erwaarden, dass ons Gerichter, notamment d'Strofgerichter, vill sollen déchargéiert gin, well de toute façon, déi Affären, déi mer hei viséieren, Affäre sin, déi normal nüt op e Gericht komm wäeren. Et sin där, déi purement et simplement klasséiert gi wäeren oder sous condition, well ech gin dervun aus, dass an Zukunft weiderhin déi Affären, d'une importance moyenne et d'une grande importance, poursuivéiert gi wéi bis elo. Et geet essentiellement méi drëm, dass nüt esou vill Affären einfach klasséiert gin, ouni dass iergendwéi ee bougéiert, a ganz oft de betreffenden Auteur, a méi oft d'Victime en ongutt Gefill derbäi hat, well hir Onrecht geschitt as, a kee Mensch an dësem Stat sech drëm bekëmmert huet, dass den Auteur poursuivéiert géif gin a Strofen ausgesprach géifen. Et as gutt, dass esou bei der Victime dat ongutt Gefill vun der Impunité vum Auteur ka verschwannen.

Ech mengen nüt, dass dëst zu engem Soulagement vun de Strofgerichter féiert, well de Gros vun den Affären, déi hei sollen traitéiert gin, där sin, déi de toute façon klasséiert gi wäeren. E mengen awer, dass et eng gutt Saach as, well mer esou awer kënnen déi onbefriddend Léisung, fir esou vill Affären ze klasséieren, op d'Säit stellen. Mir hun esou e System, wou Strofdoten, déi nüt d'Welt sin, wat u sech klenger Saache sin, awer eng Suite kréien. Dëst as dofir, an eisen Aen, e gudde Projet. Et as ee Projet, deen zënter Jore reklaméiert gët vun de Parquetën, vun de Procureuren, de Substituten. Et as och ee Projet de loi wou ech gelies hun, dass aner Parteien der selwechter Meinung sin, dass een esou Saache sollt aféieren, well se et an hirem Walprogramm stoen hun. Mir waren elo e wéineg méi schnell hei, nüt fir de Walprogramm vun deem engen oder deem aneren ze contre-carréieren, mä well et effektiv eng Demande pressante war de la part vun de Parquetën, fir dat ze maachen. Eis Fraktioun wäert dëse Projet de loi stëmmen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.** - D'Mme Agny Durdu huet d'Wuert.

#### *Discussion générale*

**Mme Agny Durdu (DP).** - Här President, Dir Damen an Dir Hären. A priori misst d'DP zefridde sin, dass d'Médiatioun als solch an eis Gesetzestexter agefouert gët, an dat aus zwee Grënn.

Éischstens hu mer et hei mat engem Projet de loi ze din, deen extrem séier duerch d'Instanze gaangen as. Den 18. Februar vun dësem Jor as de Projet de loi déposéiert gin. Den 8. Mäerz as en eng éischte Kéier vum Staatsrot aviséiert gin an de 24. Mäerz as de Projet an der Châmberkommissioun adoptéiert gin. Et misst een a priori soen, et as gutt, wann esou e Projet de loi wéi deen heiten esou séier duerch d'Instanze geet.

Deen zwete Grond as deen, dass d'DP d'Méditation pénale als solch an hirem Walprogramm stoen huet, well mer der Meinung sin, dass eng Justiz soll schnell funktionnéieren, dass se soll no beim Bürger sin an dat heescht, esou gutt no beim Auteur wéi bei der Victime.

Mir hun et ageschriwwen an eise Walprogramm, deem am Oktober d'lescht Jor erauskomm as a mir freën eis, dass sechs Méint duerno e ganz wichtige Punkt, wéi eis schéngt, vun eise drëtte Pilier ewell umgesat gouf.

Leider as et awer esou, wann et iwwer d'Mise en oeuvre vun der Médiation pénale geet, dass d'Vuën esou grondlegend ausermee gin, dass mir dese Gesetzesprojet als solchen nüt kennen ënnerstëtzen.

Ech probéiere méng Positioun esou klor wéi méiglech duerzeleën an domat och déi vun eiser Partei.

Mir sin der Meinung, dass de Succès vun dësem Projet de loi steet a fällt mat der Perséinlechkeet, mat der Qualitéit, mat der Qualifikatioun an den Egeschafte vum Médiateur. An de Médiateur as par essence fir eis eng Personne physique. Et as eng Persoun wou ee weess wien et as. Mir sin also nüt der Meinung, dass ee kann abstrakt Entitéite mat deser Missioun beoptragen.

Et soll een also nüt de SCAS als Service froen hei ze intervenéieren, well do de Rapport vum Médiateur als Persoun feelt als solchen an de SCAS as souwisou iwwerluede mat Aarbecht. Si hu souwisou nüt genuch Personal. Dat as ëmmer an ëmmer erëm gesot gin a mir sin dofir der Meinung, dass ee si soll aus deem Beräich erausloossen, d'autant plus dass mer och keen Avis vun hinnen hun, vü dass dat Gesetz jo esou schrecklech séier komm as an dass een och nüt weess, wéi si als Service dozou stin.

Dee gréissten Oppositionspunkt vun eiser Säit as, dass an deem Projet de règlement, deem de Ministère eis virgeluegt huet, d'Personne morale virgesinn as. Et deet mer schrecklech leed, mä ënnert kengen Ernstänn wäerd d'DP domat d'accord sin, dass eng Personne morale kann d'Médiatioun iwwerhuelen.

Zwou Haaptcharakteristiken, déi d'Justiz muss hun, dat as Seriositéit an Neutralitéit. Eng Personne morale kann eng Personne commerciale sin, et kann eng A.s.b.l. sin.

**M. le Président.-** Den Här Minister Frieden freet d'Wuert.

**M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.-** Här Präsident, wann ech jhust däreft d'Mme Durdu ënnerbriechen. Et as jo am Fong en institutionelle Problem, wann d'Chamber seet wat an engem Règlement grand-ducal soll stoen, an deem Sënn dass de Grand-Duc aleng de Pouvoir réglementaire huet.

Ech hat gemengt, am Sënn vun enger gudder Zesummenaarbecht dat Règlement der Chamber ze gin. Et war awer an deem Moment nach nüt ganz fäerdeg, well normalerweise, wann een dem Grand-Duc e Règlement virleet, da muss emol fir d'éischt d'Gesetz gestëmmt gin. Ennert denen Ännerungen, déi ech an dene leschten Deg gemaacht hun - well d'Reglement gët jo éreischt finaliséiert wann d'Chamber fäerdeg as -, hun ech op Grond vu verschiddenen Iwwerleungen notanment d'Personne morale erausgelooss. Déi Developpementen braucht Der

also an deem Sënn nüt weiderzeféieren, well dat steet nüt méi an där Versioun dran.

Nach eng Kéier, d'Reglement gët éreischt gemaacht wann d'Gesetz gestëmmt as, mä deem do Punkt besteet nüt méi.

**Mme Agny Durdu (DP).**- Doriwwer, Här Minister, si mir als DP op alle Fall ganz frou, well aleng no dene leidlechen Diskussiounen, déi mer an der Spezialkommission haten, muss ech Iech soen, dass ech wierklech keng Begeeschterung méi ëmlannen, fir Personnes morales an deem heite Beräich virzegesinn an ech freü mech driwwer, dass dat erausgeholl gin as.

Wa mer de Projet de règlement nüt vun Iech proposéiert kritt hätten, dann hätte mer nüt gesi wat sech derhannert géing verstoppen, an ech mengen, do wir e grouss Lapsus geschitt.

Dann as also e grouss Problem aus dem Règlement eraus, mä mir sin awer och nach der Meinung, dass doriwwer eraus mat dene Persounen, déi virgesi sin, awer nüt déi néideg Sécherheet an Transparenz an dësem Beräich garantéiert as.

Sécher, et as gesot gin, fir Magistraten, souguer dene Pensionnéierten, wat eng ganz sympathesch Iddi as, déi Missioun ze gin. Mir wëssen awer, dass eis Magistraten och iwwerluede sin an ech mengen, et wir nüt gutt, wa mer iwwer deem dote Wee hinnen erëm géifen eng nei Aarbecht zoukomme loossen. Dofir si mer der Meinung, mir solle si a Rou loossen.

Wat déi Personnes physiques ugeet, déi méi large am Text vum Projet de règlement virgesi waren, dee mer virgeluegt kruten an och d'Affekoten : Mir hate gëscher hei d'Diskussioun iwwer den Accès à la Fonction publique. Wann ech also déi Problematik huelen, déi dat Gesetz provoziert, an ech mengen, d'Médiation pénale as nach ëmmer en Exercice de l'autorité publique, wäerte mer also, ob mer wëllen oder nüt, iergendwann d'Diskussioun kréien iwwer d'Nationalitéit vum Médiateur, a well ech mengen, dass et ongesond as am Beräich vun der Justiz déi Diskussioun och nach opzewerfen, géife mir als DP virschloen, dass mer solle ganz klor an daitlech soen, d'Médiation pénale as en Akt de l'autorité judiciaire an als solche gehéiert en dohinner an doranner a mir solle ganz klor soen, wie mer iwwerhaapt als Médiateur wëlle gesinn.

Mir als DP hun do eng ganz klor Opfaassung an eng ganz klor Astellung. Ech wäerd an deem Sënn en Amendement déposéieren, dee folgendermoossen ausgesäit:

Mir froen eng Emännerung vum éischten Artikel vun dësem Projet de loi, an zwar hätte mer gären, dass en Alinéa 4 bäigefügt gët, dee ganz einfach seet: "Le médiateur est membre du Parquet".

#### Amendement 1

*L'article 1er du projet de loi 4532 portant création de la médiation pénale et portant modification de différentes dispositions de la loi du 7 mars 1980 sur l'organisation*

*judiciaire et du code des assurances sociales sera amendé par l'ajoute d'un alinéa 4 dont la teneur sera la suivante:*

*"Le médiateur est membre du Parquet".*

*(s.) Agny Durdu, Jean-Paul Rippinger.*

Dann huet ee ganz klor d'Ausso wien de Médiateur as. Et as e Member vum Parquet. Et bräicht ee keng Diskussioun méi ronderëm d'Fro ze féieren, wéi d'Qualifikatioun oder wien dee Médiateur kënnt sin an et wär eiser Menung no vill méi klor.

Mir sin eis bewosst, dass de Parquet dann als en Deel vun der Magistratur e Surplus un Aarbecht kritt. Dowéinst reeche mir als Partei eng Motioun eran, déi ech mer erlaben hei virzeliesen, wou mer soen:

*Motion 1*

*La Chambre des Députés,*

*Considérant l'encombrement des tribunaux et la surcharge de travail des Parquets de Luxembourg et Diekirch engendrés par des affaires de plus en plus nombreuses,*

*considérant plus particulièrement qu'un nombre croissant d'affaires ayant trait à la petite et à la moyenne délinquance ont pour effet que seules les affaires pénales les plus importantes sont portées à l'audience tandis que les affaires de moindre importance ne sont pas autrement traitées ou simplement classées faute de pouvoir être évacuées en temps utile,*

*consciente qu'une telle situation est malsaine et qu'il faut y remédier,*

*introduisant conformément à l'avis des Parquets de Diekirch et Luxembourg la médiation comme nouvelle voie entre la poursuite de l'action publique et le classement sans suite des affaires,*

*consciente que la médiation entraînera une augmentation certaine du travail du Parquet*

*invite le Gouvernement*

*à augmenter les effectifs auprès des Parquets de Diekirch et Luxembourg afin de garantir le fonctionnement approprié de l'appareil judiciaire.*

*(s.) Agny Durdu, Henri Grethen, Paul Helminger, Jean-Paul Rippinger, John Schummer.*

Dat sin déi Motioun an deen Amendement, déi mir wollten abrénge. Ech däerf jhust kuurz drun erënneren, mir haten de Moien eng Kommissiounssëtzung, wou mer ënnert anerem iwwer d'Attachés judiciaires geschwat hun, wou gesot gouf, dass déi och beim Parquet kënnen affiliéiert gin an et wir do zum Beispill eng Méiglechkeet, fir op eng relativ onformalistesch an onkomplizéiert Aart a Weis ze probéieren déi néideg Leit ze fannen, fir eng adequat Médiatioun an eisem Land anzeféieren, well, wéi gesot, mam Prinzip si mer d'accord, mä sollt eisem

Amendement nët Rechnung gedroë gin, wäerte mer leider dëse Projet de loi nët kënnen stëmmen.

Ech soë merci.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner as den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Den Här Klein huet d'Wuert.

**M. Jean-Pierre Klein (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Duerch vill Neierungen am Justizwiesen, déi mer déi lescht Joren hei gemaacht hun, hu mer versicht, dass d'Affäre méi séier solle virgedriwwen gin. De Justiciabel sollt ëmmer méi schnell eng Décisioun kréien.

Verbesserungen sin op deem Plang erreecht gin, souwuel um funktionelle wéi um organeschen. An nach sin eis Stofgerichter mat villen Affären iwwerlaascht, wat déi méi minim Délinquance ubelaangt. Doraus huet sech ergin, dass vun de Parqueten dës kleng Dossierë klasséiert gi sin. Dat huet awer bei den Affer Ierger ervirgeruff an och bei den Uerdnungskräften, déi sech nët zu Onrecht d'Fro gestallt gin, fir wat dass se nach sollten esou Affären ophuelen, feststellen a weiderleden. Et kann ee verstoën, dass se op dës Manéier iergendwéi demotivéiert gi sin.

Bei klengen Affären, déi poursuivéiert gi sin, huet et laang gedauert ier se un d'Rei komm sin, fir behandelt ze gin. Mir hun dann nach e System, dee mer Classement conditionnel nennen, wat tëscht dem Klasement an der Poursuite vun der Affär läit. Den Délinquant huet de bësse Fanger vum Parquet gemaacht kritt an et as him gesot gin, e sollt nët méi esou erëmkommen, well soss géing séng Affär vu virdrun erëm frësch opgerullt gin. Dat alles as nët am Intérêt vun der Victime, déi keng Satisfaktioun kritt huet.

Dëse Projet de loi gesäit elo eng nei Méiglechkeet vir, nämlech d'Interventioun vun enger Drëttersoun, déi soll vermëttelen tëscht dem Täter an dem Affer. A wann dës Médiatioun nët sollt geléngen, dann huet de Parquet nach ëmmer séng bishereg Méiglechketen.

Vu vieren huet den zoustännege Procureur d'Méiglechkeet fir de Sträit vermëttelen ze loossen ënnert dräi alternative Konditiounen, déi am Rapport opgezielt gi sin an déi och däitlech aus dem Projet de loi ervirgin.

Am usprüngeleche Regirungsprojet war virgesinn, dass fir d'Médiatioun de virherigen Accord vun den implizéierte Parteien misst virleien. Dovu huet de Staatsrot ofgeroden, well et illusoresch as, dass d'Victime, déi nach voller Roserei dem Täter géintwuer as, zu enger Médiatioun den Accord géif gin. Dofir as et besser, dass deen Accord nët brauch virzeleien an d'Parteien sollen zesummebruecht gin an de Médiateur soll versichen, eng Enegung am Gudden ze erreechen.

Geschitt dat, huet d'Affer séng Satisfaktioun kritt a kann duerno keng Action directe méi maachen, well d'Partie civile regléiert as. Et as och e flexible System, well dem Täter kënnen verschidden Obligationen operluegt gin. Et geet och vill méi schnell. D'Verfare gët ageleet, soubal de Parquet vum Fait a Kenntnis gesat gin as.

E Règlement grand-ducal gesäit och vir wéi d'Médiatioun organiséiert gët, souwuel organesch wéi funktionell.

Mir haten an der Commission juridique dëse Projet de règlement grand-ducal virgeluegt kritt an et as gutt, dass mer dat virdru gesinn hun. Bei där Geleënheet sin och substantiell Remarken a Kriticke gemaacht gin. Et as ënnert anerem drop gehale gin, dass d'Médiatioun soll de Personnes physiques virbehale bleiwen an nët enger Personne morale agréée zougestane gin.

Mir hun elo héiere vum Här Justizminister, dass déi Dispositioun erausgehol ginn as aus dem Règlement grand-ducal, esou dass mer op deem Plang jo awer total Satisfaktioun kritt hun.

Et soll een och virgesinn, dass d'Affekote kënnen als Médiateur bezechent gin. Et as begréisst gin, dass d'Agents de probation vum SCAS, dem Service Central d'Assistance Sociale, kënnen mat der Médiatioun betraut gin. Et si jo jhust déi Leit, déi eng Erfahrung hun, déi wësse wéi se mat der Victime oder mat dem Täter ëmginn. Jiddefalls hu se doranner eng laangjäreg Erfahrung an et sin och déi, déi kënnen um Plang vun der Médiatioun ganz behëlleflech sin.

De Rapport de médiation gët banne sechs Méint dem Procureur d'Etat virgeluegt, deem dann eng definitiv Décisioun hëlt. Am Projet de loi as och festgehal gin, dass de Magistrat, deem als Médiateur beoptraagt gi war, nët méi kann enger Kompositioun ugehéieren, wann d'Affär gescheitert as a si kënn virun déi Kompositioun.

De System, deem elo agefouert gët, as am Intérêt vum Affer a vum Täter. Et geet méi schnell virun. D'Gerichter an de Parquet gi méi déchargéiert. Si kënnen sech méi wichtege Affäre widmen.

Dofir géing ech soen, mir sollten dëse Projet de loi stëmmen. Ech gin dozou den Accord vu ménger Fraktioun. Ech wëll awer nët ënnerloossen och nach dem Rapporteur fir säi schréfflechen a mëndleche Rapport ze félicitéieren.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner as den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Här President. Mir kënnen als Gréng eisen Accord zu dësem Projet de loi gin.

**M. le Président.**- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

**M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet deem hei zur Ofstëmmung kënn an deem hei in extenso vum Rapporteur, dem honorablen Här Lucien Weiler, erkläert gin as, as e wichtege Projet fir zu enger méi grousser Satisfaktioun vun den Affer vun der klenger Délinquance hei zu Lëtzebuerg ze kommen.

Et as esou, dass ee wéinst där grousser Zuel vu Plainté vu klenger Kriminalitéit, déi déposéiert gin an nët kënnen poursuivéiert gin, well d'Parquetën iwwerlaascht sin, muss Alternativen zu den normale Léisunge vun de Sträiter viru Geriicht fannen. Dat gëtt en matière pénale. Dat gëtt och an anere Beräicher vun der Justice.

Ech hoffen, dass mir dofir an den nächste Joren nach méi op de Wee vun Alternativen zu den normale Gerichtsprozedure goë kënnen. Ganz oft as d'Maschin vun der Justice zevill komplizéiert fir kleng Affären. Dofir muss een - wéi iwwregens och am Ausland - op alternativ Weër goen. An hei setze mir deem Akzent.

Ech sin extrem frou, dass esou kuurz nodeems ech dëse Projet an der Châmber déposéiere konnt, d'Châmber dat seriö gekuckt huet an et esou haut schon zu enger Ofstëmmung doriwwer kënn.

Iwwer d'Persoun vum Médiateur huet d'DP hei verschidden Observatiounen gemaacht. Dat sin Observatiounen, déi ech nët dele kann an déi ech nach eng Kéier ze bedenke gin. De Médiateur soll eng neutral Persoun sin, déi sech mam Affer a mam Täter zesummesetzt a seet: "Hei lauschtert emol, kënn Dir Iech nët eens gin?" Dat "sech eens gin" an d'Iddi vun der Reparatioun, déi fir d'Affer bestoë muss, kann eng divers Natur hun.

Et as d'Element vun der Flexibilitéit, wat bei der Médiation pénale esou wichteg as. Et brauch ee sech do nët prezis un een Text oder eng Strof ze halen déi am Strofrecht steet, mä et kann een och aner Iddië mat erabréngen, fir dass den Täter duerno weess, dass hien eppes gemaacht huet, wat nët vun der Gesellschaft toleréiert gët an d'Affer huet dat berechtigt Gefill, dass den Täter dat nët méi maache wëll, an dofir och eng gewësse Bouss maache wëll. Déi kann an enger Form sin, déi de Médiateur gemeinsam mam Affer a mam Täter festleet.

Aus der Neutralitéit vun der Funktioun eraus, mengen ech, dass een de Parquet nët soll mat där Missioun chargéieren. Mä et soll ee Leit domat chargéieren, déi dat individuell maache kënnen. Ech sin dofir och domat d'accord gewiescht fir keng Personnes morales virzegesinn.

Ech kéint mir virstellen, dass een déi Missioun nët d'office dem SCAS gët. Ech sin awer der Meinung, dass am SCAS eng ganz Rei Leit vun hirem Wiesen an hirer Kompetenz hir déi Funktioun individuell kréie kéinten. Dofir kann ech mir nach iwwerleën, ob een nët an deem Règlement grand-ducal schreiwe soll, dass all Persoun, déi d'Konditiounen - d'Kompetenz, d'Formatioun, d'Qualifikatioun, d'Éierbarkeet - erfëllt, vum Justizminister wéinst hirer individueller Kapassitéit kann agrééiert gin.

Deem Agrément as e wichtegt Element. Dofir kann ee sech iwwerleën, ob een nët op dee Wee goen an einfach déi individuell Persounen agrééiere soll. Da kann een och individuell - an nët d'office - Magistraten agrééieren.

Dir sot: D'Riichter hu schon esou vill Aarbecht. Et sin awer Riichter déi mir gesot hun, dass si dat maache wëllen. Dat sin der nët masseg vill, mä ech hu jo och nach

nët mat all Mënsch geschwat. Aus dem Gespréich eraus as entstanen, datt pensionnéiert Riichter gesot hun, datt si bereet wären dat heiansdo e puer Stonnen ze maachen. Dat hei si jo keng "full-time jobs".

Dofir kann ee sech et nach eng Kéier iwwerleën, ob een nët op dee Wee am Règlement grand-ducal geet. Mir gin hei op en neie Wee an der Strofjustice, an dofir hoffen ech, datt déi 5 Fraktiounen dee Projet stëmme wäerten. Si tréit déi kleng Délinquance, wat bis elo nët ëmmer méiglech war.

De Wonsch vun der DP, datt de Parquet soll méi Leit kréien, as a war och de Wonsch vun all Justizminister, egal wat fir eng Faarf hien hat. All Minister as frou, wann hien a sänge Ressore méi Leit kréie kann. Wann et also de Wonsch as, datt d'Justiz, de Parquet an d'Magistrature assise méi Leit solle kréien, da kann ech mech deem Wonsch nëmmen uschléissen.

Bei dëse leschte Budgetsdebatte sin eng 800 oder 900 Ufroë fir nei Posten vun eenzelne Minister komm. Wann een herno tranchéiere muss, da kann nët jiddereen alles kréien. Et as ganz klor, datt d'Zuel vun den Affäre virun de Geriichter - nët nëmmen am Strofrecht - zouhëlt, an datt mir musse weider Riichter astellen. Ech wëll awer ze bedenke gin, datt an de leschten zéng Jor d'Zuel vun de Riichter ëm 38% geklommen as. D'Zuel vum administrative Personal op de Geriichter as ëm 30% geklommen. D'Zuel an d'Komplexitéit vun den Affären huet zur gläicher Zäit och zougeholl.

Dofir gin ech dem Här Weiler Recht, wéi e gesot huet, datt mir d'Geriichter hei nët déchargéieren, mä virun allem kucke mir no den Intérêt vum den Affer, fir datt déi Affären uerdentlech tréitert gin. Déi Täter sollen herno nët menge si wären ongeschuer dovukomm.

An deem Sënn as et e gudden Projet. Ech si frou, datt e konnt esou séier iwwer d'Bühn goen. Ech hoffen, datt en dann am Hierscht richteg ulafe kann.

Ech muss awer mat Satisfaktioun feststellen, datt op eng offiziös Aart a Weis e Centre de médiation schon am Jugendberäich vum Jugendminister an d'Weër geleet gin as. Wa méng Informatiounen déi ech vum Parquet kritt hu stëmmen, da funktionnéiert dat ganz gutt. An dene meeschte Fäll as et zu enger satisfaisanter Konklusioun an esou Affäre komm. Et kann een also hoffen, datt de Parquet oft dovun Gebrauch mécht.

Eng lescht Observatioun, well dat och an der Commission juridique virkumm war, as déi, ob déi Parteien och duerch en Affekt kënnen assistéiert gin. D'Äntwert dorop as: "Jo". Mir schreiwen an d'Reglement dran, datt de Procureur de Partie seet, datt, wa si dat wënschen, si vun engem Affekt kënnen assistéiert gin. Ech mengen awer, datt et eng ganz Rei Affäre gët, wou d'Parteien och ganz gutt ouni Affekt kéinten eens gin. Dat as dann un hinnen an um Médiateur fir dat ze decidéieren. Ech wollt dat jhust hei klorstellen.

Et as mäi Wonsch, datt dee Projet, deem am Intérêt vum Justizwiesen hei zu Lëtzebuerg as, géing unanime heibanne gestëmmt gin.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- D'Diskussioun as elo ofgeschloss a mir kommen zu der Lecture vun den Artikelen a stëmmen doriwwer of.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)*

Den Artikel 1 as gelies.

D'Mme Durdu huet en Amendement zu dësem Artikel déposéiert. Dësen Amendement as allerdéngs bis elo nëmmen vun zwee Deputéierten ënnerschriwwen. Sin nach dräi weider Deputéierte bereet fir en ze ënnerstëtzen? Den Amendement muss jo vu mindestens 5 Leit ënnerschriwwen sin, soss kënne mir nët driwwer ofstëmmen.

Wien as bereet dësen Amendement och nach ze ënnerstëtzen?

D'Häre Grethen, Helminger a Schummer hu sech nach gemellt. Domat kënne mir dann elo iwwer dësen Amendement ofstëmmen.

*Vote*

Déi fir den Amendement 1 sin, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

Den Amendement 1 as verworfen mat 40 Nee-Stëmmen, 10 Jo-Stëmmen an 3 Abstentionen.

Also as den Artikel 1 a senger ursprüngelecher Form ugeholl.

*Ont voté oui: M. Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Agny Durdu), Mme Lydie Polfer (par M. Henri Grethen), MM. Jean-Paul Rippinger (par Mme Anne Brasseur), John Schummer (par M. Niki Bettendorf) et Carlo Wagner (par M. Emile Calmes).*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par M. Lucien Weiler), MM. François Biltgen (par M. Marco Schank), Willy Bourg, MM. Lucien Clement, Nicolas Estgen, Pierre Frieden (par M. Willy Bourg), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Norbert Konter (par M. Nico Loes), Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Nico Loes, Laurent Mosar (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Mmes Ferny Nicklaus-Faber, Romi Roth (par M. Nicolas Estgen), MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Lucien Clement), MM. Nicolas Strotz et Lucien Weiler.*

*MM. Jean Asselborn (par M. Claude Halsdorf), Mario Castegnaro, Mars Di Bartolomeo (par M. René Kollwelter), Claude Halsdorf, Jean-Pierre Klein, Roger Klein, René Kollwelter, Jeannot Krecké (par M. Jos Scheuer), Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux (par M. Jean Regenwetter), Mme Lydia Mutsch (par M. Camille Weiler), MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer, Jean*



Schiltz, Camille Weiler et Marc Zanussi (par M. Jean-Pierre Klein).

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Jean-Pierre Koepp), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

*Se sont abstenus:* MM. François Bausch, Camille Gira et Jean Huss.

D'Artikelen 2 bis 4 si gelies an ugeholl.

Mir kommen dann elo zum Vote vum Projet de loi 4532.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet de loi 4532 sin, stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 4532 as ugeholl mat 46 Jo-Stëmmen a 6 Abstentionen.

*Ont voté oui:* Mme Nancy Arendt (par M. Lucien Weiler), MM. François Biltgen (par M. Marco Schank), Willy Bourg, Lucien Clement, Nicolas Estgen, Pierre Frieden (par M. Willy Bourg), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Norbert Konter (par M. Nico Loes), Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Nico Loes, Laurent Mosar (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Mmes Ferny Nicklaus-Faber, Romi Roth (par M. Nicolas Estgen), MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Lucien Clement), MM. Nicolas Strotz, Alphonse Theis (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Lucien Weiler.

MM. Jean Asselborn (par M. Claude Halsdorf), Mario Castegnaro, Mars Di Bartolomeo (par M. René Kollwelter), Claude Halsdorf, Jean-Pierre Klein, Roger Klein, René Kollwelter, Jeannot Krecké (par M. Jos Scheuer), Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux (par M. Jean Regenwetter), Mme Lydia Mutsch (par M. Camille Weiler), MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer, Jean Schiltz, Camille Weiler et Marc Zanussi (par M. Jean-Pierre Klein).

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Jean Huss).

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Jean-Pierre Koepp), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

*Se sont abstenus:* M. Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Henri Grethen et Jean-Paul Rippinger.

As d'Châmber d'accord, d'Dispens vum zwete Vote ze gin?

(Assentiment)

Et as esou decidéiert.

D'Mme Durdu huet d'Wuert gefrot.

Mme Agny Durdu (DP).- Här President, vu dass eisen Amendement nët ugeholl gin as, hu mer eis musse beim Vote vum Projet enthalen.

M. le Président.- Mir hun hei och nach eng Motioun vun der Mme Durdu virleien. Den Här Minister Frieden huet d'Wuert gefrot.

*Motion*

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Här President, déi Motioun as elo eigentlech sans objet gin. Hei steet dran: "consciente que la médiation entraînera une augmentation certaine du travail du parquet". Dat as nët richtig. De Procureur muss souwisou all Dossier kucken. Mir hu gesot, datt mir der Meinung sin, datt de Médiateur en neutrale Personnage muss sin an nët de Parquet.

Et war jo an deem Kontext, wou d'Mme Durdu déi Motioun nach abruecht huet. Vu datt déi Iwwerleung, datt et de Parquet muss sin, an datt deem domat méi Aarbecht kritt, nët vun eis zrëckbehale gin as, as des Motioun an deem Sënn nët méi appropriéiert.

M. le Président.- Mir stëmmen dann elo iwwer dës Motioun of. Kënne mir "par main levée" ofstëmmen?

(Assentiment)

*Vote*

Wié fir d'Motioun as hieft d'Hand an d'Luucht.

Wien as dergéint ?

Ech stelle fest, datt d'Motioun 1 verworf as.

Mir kommen dann elo zu der Diskussioun iwwer de Projet de loi 4445 iwwer d'Zesummenaarbecht mam internationale Geriicht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Jung, d'Mme Durdu an den Här Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deem Projet de loi, den honorablen Här Jean-Pierre Klein.

**5. Projet de loi 4445 introduisant certaines mesures visant à faciliter la coopération avec:**

**1) le Tribunal international créé par le Conseil de Sécurité des Nations Unies dans sa Résolution 827 du 25 mai 1993 pour le jugement des personnes présumées responsables de violations graves du droit international humanitaire commises sur le territoire de l'ancienne République fédérative socialiste de Yougoslavie depuis 1991**

**2) le Tribunal international créé par le Conseil de Sécurité des Nations Unies dans sa Résolution 955 du 8 novembre 1994 pour le jugement des personnes présumées responsables d'actes de génocide ou d'autres violations graves du droit international humanitaire commis sur le territoire du Rwanda et les citoyens rwandais présumés**